Laurent Hilger

1, an der Gaass

L-9150 Eschduerf

Eschduerf, den 12. Dezember 2025

# Pressematdeelung

Dir Dammen, Dir Hären,

Ech hunn decidéiert, mäi Mandat als Buergermeeschter vun der Gemeng Esch/Sauer aus gesondheetleche Grënn néierzeleeën a mech och aus dem Gemengerot zeréckzezéien.

D'Ausféierung vun där Funktioun erfuerdert en héijen Asaz, mat Ufuerderungen, déi ech aktuell net méi kann erfëllen. Duerfir gesinn ech et als meng Verantwortung, d'Féierung vun der Gemeng an aner Hänn ze ginn.

Am Respekt vum Gesetz a fir de Fonctionnement vun der Gemeng ze garantéieren, wäert ech meng Funktioun als Buergermeeschter esou gutt wéi méiglech weider ausüben, bis en Nofollger oder eng Nofollgerin vereedegt ass.

Laurent Hilger

Buergermeeschter vun der Gemeng Esch/Sauer